



# LES AMIS DE LA MUSIQUE MILITAIRE

Association sans but lucratif, fondée en 1997 - Membre de l'Union Grand-Duc Adolphe

## En avant ... marche !

Bulletin no 49  
05/2023

## Rees op Innsbruck vum 12. bis de 16. Juli 2023

Am Kader vun de „Promenadenkonzerte“ an der Hofburg zu Innsbruck spillt eis Militärmusek en Donneschdeg, den 13. Juli 2023, owes um 19.30 Auer e Concert.

De Büro vun „d'Frënn vun der Militärmusek a.s.b.l.“, huet décidéiert, vun dëser Geleënheet ze profitéieren, fir mol rëm eng Auslandsrees fir eis Memberen ze organiséieren.

An Zesummenaarbecht mam Corry Schandeler vun „Demy Schandeler s.à.r.l.“ hu mir e flotte Programm op d'Been gesaat, a mir hoffen,

dass vill Memberen sech fir dësen aussergewöhnlechen Ausflug an Éisträich umelle wäerten.

### Mëttwoch, den 12. Juli 2023: Rees op Innsbruck

Nodeems all Matreesenden Plaz geholl hunn, fiirt de Bus Moies um 7.00 Auer vum P&R Kielen beim Fussballterrain iwver Zweibrücken op Hauenstein, wou eng kuerz Kaffispaus gemaach gëtt. Duerno geet et Richtung Karlsruhe an Ulm. Ënnerwee gëtt och eng Mëttespaus gemaach, wou mir zesummen e Maufel iessen, éiert et weidergeet op Innsbruck. Do ass dann d'Aquartéierung am „Adlers Hotel & Rooftop“, Owesessen mat 3-Gang-Menü, an Iwwernuechtung.



Eng historesch Attraktioun an e Symbol an der Alstad vun Innsbruck: "Goldenes Dachl" mat sengen 2657 gëllene Leeën.  
(Fotoën: Emile Noesen)



## Donneschdeg, den 13. Juli 2023: Innsbruck (Dag vum Concert)

Nom Kaffi maache mir eng guidéiert Besichtigung vun der méttelalterlecher Aalstad vun Innsbruck. Nom Rondtour gi mir d'Bergisel-Schanz kucken, eng Schisprongsportstätte mat olympescher Vergaangenheet a moderner Architektur. Do besteet d'Méiglechkeet fir e Mëttegiessen am Sky Restaurant fir minimal € 28,60 a maximal € 41,30 pro Persoun. De Rescht vum Dag steet zur fréier Verfügung. Réckfahrt bei den Hotel. Owesiessen mat 3-Gang-Menü. Duerno begi mir eis an d'Hofburg an der Alstad fir de Concert vun eiser Militärmusek um 19.30 Auer. Nom Concert Réckfahrt an den Hotel an Iwwernuechtung.

*D'Bergiselschanz, déi bekannt ass duerch d'Vierschanzentournée.*

*De Bannenhaff vun der Hofburg, wou de Concert vun der Militärmusik stattfënd.*



**Freideg, den 14. Juli 2023:  
Wattens-Swarowski  
Kristallwelten – Innsbruck-  
Hafelekar**

Nom Kaffi fuere mir op Wattens. An enger Féierung, déi eng Stonn dauert, entdecker mir d'Swarowski-Kristallwelten. No engem hoffentlech spannenden Abléck huele mir d'Seelbunn fir op den Hafelekar, den héchsten Bierg (2.234 m) vun Innsbruck. Do genéisse mir en otemberaubende Rondbléck vun 360 Grad, mat engem eenzeg-artegen Panorama um héchsten Ausflugsziel vun der Stad. Réckfahrt an den Hotel, Oweessiessen mat 3-Gang-Menü an Iwwernuechtung.

**Samschdeg, den 15. Juli 2023:  
Schloss Starkenberg zu Tarrenz**

Nom Kaffi fuere mir Schloss Starkenberg besichen (ongeféier 65 km vun Innsbruck). Am 700 Joer ale Schlass kréie mir en Abléck an d'Geheimniss vum der Béierbraukonscht, vum der Geschicht vum Ufank bis an eis Zäit. Déi 200 Joer al Brauerei ass déi eenzeg an Éisträich, déi dee beléifte Béier ouni chemesch Zousätz produzéiert. No der Féierung hu mir och d'Geleeënheet, de Béier ze schmaachen. (Am Starkenberger Béier kann ee souguer bueden: am ale Gärkeller vun der Brauerei gëtt et déi éischt Béierschwemm vun der Welt). Duerno kuerzen Openthalt am „Schloss Stub'n" an dann Réckfahrt an den Hotel. De Rescht vum Nomëtteg steet zur fréier Verfügung. Oweessiessen mat 3-Gang-Menü am Hotel an Iwwernuechtung.

**Sonndeg, de 16. Juli 2023:  
Heemfahrt op Lëtzebuerg**

Nom Kaffi Depart zu Innsbruck iwwer Kempten an Ulm, Mëttegiessen ënnerwee. Weiderrees iwwer Karlsruhe, Zweibrücken op de P&R Kielen.



*D'Swarowski-Kristallwelten zu Wattens*



*D'Seelbunn fir op den Hafelekar*



### Hotel-Information:

ADLERS HOTEL & ROOFTOP

Brunecker Strasse 1 –

A-6020 INNSBRUCK

Tel.: +43 512 563100

Email: [adlers@adlers.at](mailto:adlers@adlers.at)

Web: [www.adlers-innsbruck.com](http://www.adlers-innsbruck.com)

### Am Präis abegraffe Leeschtungen :

- 4 Iwwernuechtungen am ADLERS HOTEL & ROOFTOP am Doppelzëmmer mat Hallefpensioun (Kaffi an Oweessiessen – ouni Gedrénks);
- Busfahrt laut Programm (inklusive Taxen);
- Kaffi moies op der Hirees;
- Mëttegiessen den 1. a leschten Dag, ouni Gedrénks;
- Guidéiert Besichtigung vun Innsbruck;
- Entrée Bergisel Schanze;
- Entrée Swarovski-Welten;
- Fahrt mat der Seelbunn op den Hafelekar;
- Brauereiführung an Béierverkostung op Schloss Starkenberg.

### Präis po Persoun am Panorama Classic-Duebelzëmmer:

- bei 20-25 Persounen: € 1.210,00;
- bei 26-30 Persounen: € 1.145,00;
- bei 31-35 Persounen: € 1.115,00;

- Zouschlag Einzelbenetzung fir Panorama Classic-Duebelzëmmer: € 215,00 fir 4 Nuechten

### Folgend Leeschtungen kënnen nach zousätzlech, mat Oppräis, gebucht ginn:

- Zubréngerdéngscht fir de P&R Kielen (1. an leschten Dag): € 35,00
- Reesversicherung:
  - Option „All-In“ am Duebelzëmmer pro Persoun: € 41,00
  - Idem am Einzelzëmmer: € 46,00
  - Option „ANNULATIOUN+BAGAGES“ am Duebelzëmmer pro Persoun: € 27,00
  - Idem am Einzelzëmmer: € 32,00
- Selbstbedeelegung pro Persoun bei Stornéierung: € 50,00.

### Den Entrée fir de Concert vun der Militärmusek am Haff vun der Hofburg bezillt eise Veräin fir all Member.

D'Umeldung fir d'Rees geschitt iwwert déi bäileiend Kaart, respektiv eng obligatoresch Iwwerweisung vun engem Akont vun € 900,00 pro Persoun op de Kont CCPLLULL vun „D'Frënn vun der Militärmusek a.s.b.l. LU19 1111 1371 3776 0000, bis spéitstens de Freideg, 19. Mee 2023.

Bei eventuelle Froen kënt dir iech un eisen Trésorier wenden : Emile Noesen – GSM 621 307 261.



Schloss Starkenberg zu Tarrenz

(Foto © Schloss Starkenberg)

## Echo de l'assemblée générale 2023 des « Amis de la musique militaire »



Le jeudi 30 mars 2023 à 10h00 s'est réuni dans la petite salle de répétition de la Musique militaire le Conseil d'administration en prélude à l'assemblée générale de tous les membres convoqués pour 11h30. Une trentaine de membres avaient répondu présent.

Notre président, M. Josy Lorent, était absent profitant enfin d'un voyage lui offert il y a sept ans pour son 70e anniversaire et maintes fois reporté. Aussi avant de partir avait-il remis à notre vice-président, Roby Raus, un message destiné à l'auditoire présent dans la salle. Ce message stipulait que depuis la création de l'a.s.b.l. il y a 26 ans et durant ses 11 années de présidence, il n'avait à sa connaissance jamais manqué une seule assemblée générale et après explications des raisons de son absence, il nous souhaitait une agréable réunion sans oublier de demander aux membres de rester fidèle aux « Amis de la musique militaire ».

M. Roby Raus, vice-président du Conseil d'administration, après s'être exécuté de la lecture du message, a sollicité le doyen du bureau exécutif M. Robert Weyland, de s'occuper de la suite du déroulement de l'assemblée générale. Après une courte introduction, M. Weyland a demandé à l'assistance de se lever et d'avoir une pensée pour les membres décédés. Il a ensuite passé la parole au secrétaire, M. Nello Zigrand afin qu'il fasse rapport des activités 2022.

Dans son énoncé, le secrétaire a précisé les 17 réunions de travail qui ont eu lieu en 2022 dont les 9 réunions du bureau exécutif et les 8 réunions d'organisation de diverses manifestations. S'y ajoutent les réunions de l'Union Grand-Duc Adolphe où l'association délègue régulièrement ses représentants.

Un moment émouvant a été le rappel par le secrétaire de la présence de plusieurs de nos membres à l'enterrement de M. Lucien Werer à Diekirch. Sa jovialité, sa présence et ses explications

d'infatigable vendeur de cartes de membre, de CD ou de distributeur de bulletins lors des concerts de la Musique militaire, manquent terriblement. Le secrétaire a lancé un appel pour trouver des membres bénévoles pour prendre sa relève. Plus il y aura de membres intéressés, plus l'a.s.b.l. pourra assurer un stand lors des très nombreux concerts de la Musique militaire.

Dans la lecture du calendrier des manifestations il a souligné la tenue d'un stand de l'a.s.b.l. à la Porte ouverte de la caserne Grand-Duc Jean de Diekirch le 10 juillet 2022.

Ensuite le secrétaire n'a pas manqué de rappeler toutes les manifestations prévues dans le cadre du 25<sup>e</sup> anniversaire qui s'étendait du 22 juillet 2022 au 18 avril 2023. A savoir :

- le 22 juillet 2022 lancement des festivités du 25<sup>e</sup> anniversaire lors de la Soirée Viennoise à la Place d'Armes à Luxembourg ;
- le 22 septembre 2022 concert de l'orchestre d'harmonie au Château de Koerich ;
- le 10 novembre 2022, concert de bienfaisance du Big Band de la Musique militaire au CELO à Hesperange ;
- le 20 novembre 2022, concert de bienfaisance des orchestres d'harmonies de la Musique militaire grand-ducale et de la Musique de l'Arme Blindée Cavalerie de Metz à l'Artikuss à Soleuvre. Concert enregistré pour des retransmissions télévisées et pour la réalisation d'un CD ;
- le 23 décembre 2022, concert à la Philharmonie.

S'ajoutent à toutes ces manifestations le concert de bienfaisance de l'Armée avec organisation d'un stage pour 18 jeunes musiciens le 7 octobre 2022 ainsi que la tenue de l'assemblée générale 2021 organisée le 17 novembre 2022.

Les trois bulletins de l'année 2022 et celui paru début 2023 ont largement commenté les manifestations ci-avant.

Dans son allocution le secrétaire n'a pas manqué de remercier l'UGDA, l'Etat-major de l'Armée, les services logistiques de l'Armée, le Syndicat Professionnel de l'Armée, la direction et les services du Conservatoire de Luxembourg ainsi que les animateurs du nouveau site internet de l'a.s.b.l. pour leurs soutiens et leur disponibilité. La direction de la Musique militaire, le chef et adjoint ainsi que le secrétaire et autres musiciens concernés n'étaient

*(Suite en page 7)*



(Photos: Emile Noesen)

(Fin de la page 6)

pas en reste et leur disponibilité a été également louée. Pour terminer le secrétaire a souligné l'excellent esprit d'équipe qui régnait entre les membres du bureau exécutif et les en a remercié chaleureusement.

M. Robert Weyland passa ensuite la parole au trésorier Emile Noesen. Celui-ci comme à son habitude dressa un bilan complet des recettes et dépenses de l'association. Au 31 décembre 2022, le décompte présente des dépenses qui s'élèvent à 30.369,39 € et celui des recettes à 19.898,31 € soit un déficit de 10.471,08 € dû en majeure partie aux financements des festivités du 25<sup>e</sup> anniversaire. La situation totale des avoirs s'élevait au 1er janvier 2023 à 58.819,21 €. Le rapport des réviseurs de caisse a été certifié par écrit par les réviseurs Pierre Christen et Gilbert Holzem. Durant l'assemblée générale, M. Pierre Christen a loué l'exemplarité de la présentation des comptes par le trésorier et a demandé aux membres présents de donner décharge par acclamation des comptes si minutieusement présentés. Après son rapport, M. Emile Noesen a fait part à l'assemblée de sa lettre de démission comme trésorier de l'a.s.b.l à partir du 1er janvier 2024. En effet après 11 années à ce poste, l'abandon de cette charge qui est réellement considérable, lui permettra de passer plus de temps avec sa famille. Aussi, dès janvier 2024, il restera membre de l'a.s.b.l. mais membre sortant du bureau, respectivement du conseil d'administration, non rééligible pour l'AG de début 2024.

M. Robert Weyland a souligné l'exemplarité de M. Emile Noesen, a loué son travail à tous les niveaux durant ces onze dernières années et lui a fait part de sa compréhension face à cette décision. À la suite de cette démission, il a chargé le bureau

exécutif de trouver un nouveau trésorier avant janvier 2024. En abordant le point suivant à l'ordre du jour, il a demandé au secrétaire de faire un rapport succinct sur les activités futures de l'association. Le secrétaire a énoncé brièvement : la séance académique du 25<sup>e</sup> anniversaire qui a eu lieu ce 17 avril 2023 au conservatoire de Luxembourg, la prochaine remise de CD aux musiciens militaires français qui ont œuvré avec la musique militaire grand-ducale à l'Artikuss en novembre 2022, l'organisation d'un voyage pour nos membres à Innsbruck du 12 au 16 juillet 2023 avec à l'affiche un concert de notre Musique militaire dans la cour de la Hofburg d'Innsbruck, l'organisation prochaine d'un concert « Dicks » en 2023 dans le cadre du 200<sup>e</sup> anniversaire de la naissance d'Edmond de la Fontaine et pour finir le secrétaire a précisé les remises de chèques restant à organiser suite à différents concerts de bienfaisance.

L'assemblée a fixé ensuite le montant de la cotisation annuelle qui reste inchangé à 25€.

Au point divers de l'ordre du jour, le Chef de musique, M le LtCol Jean-Claude Braun a remercié le bureau exécutif, le conseil d'administration et les membres de l'a.s.b.l. pour leur soutien indéfectible à l'égard du corps de la Musique militaire grand-ducale. Il proposa également au bureau exécutif de réaliser en collaboration avec la Musique militaire un nouveau CD pour 2024.

A la fin de l'assemblée générale le vice-président Roby Raus et M. Robert Weyland ont invité les membres présents à une réception offerte par l'a.s.b.l. où les membres ont pu échanger en toute convivialité autour de petits pains savoureux et de boissons luxembourgeoises de qualité.

NZ



Beim Opschneide vum Oberweis sengem Gebuertsdagskuch (vu lénks no riets): Alex Bodry (Grënnungsmember), Jean Spautz (Grënnungsmember an Éierepresident), Roby Raus (Grënnungsmember a Vizepresident), Lieutenant-Colonel Jean-Claude Braun (Chef vun der Militärmusek), Jos Schockmel (Grënnungsmember), Josy Lorent (Grënnungsmember a President zënter 2012) a Maurice Bauer (Schäffe vun der Stad Lëtzebuerg).  
(Foto: Emile Noesen)

## Ofschloss vum 25. Anniversaire vun de „Frënn vun der Militärmusek“

Mat enger akademescher Sëtzung am Museksconservatoire vun der Stad Lëtzebuerg huet d'A.s.b.l. „Frënn vun der Militärmusek“ en Dëschdeg, den 18. Abrëll 2023, den offiziellen Ofschloss vun de Manifestatioune vum 25. Anniversaire gefeiert. Bedéngt duerch d'Aschränkungen am Kader vun der Covid-19-Pandemie huet de Programm vum Gebuertsdag, fir deen eigentlich 2022 de Stéichdatum war, sech bis dëst Joer an d'Längt gezunn.

Ugefaangen huet déi akademesch Sëtzung am groussen Auditoire mat engem flotte Concert vum Harmonieorchester vun der Militärmusek ënnert der Leedung vum Lieutenant-Colonel Jean-Claude Braun.

De President Josy Lorent, deen ee vun den 19 Matbegrënner war, huet seng Begrëssungsusprooch genotzt, fir en ausféierlechen Exkurs an d'Geschicht vun de „Frënn vun der Militärmusek“ zënter hierer offizieller Grënnung den 12. Juli 1997 bis an eis Zäit ze maachen.

D'Lydie Polfer, Buergermeeschtesch vun der Stad Lëtzebuerg an och ee vun den 19. Grënnungs-

memberen, huet an hirer Ried den Teamgeesch vum de Responsabele vun der aktiver A.s.b.l. gelueft, kloer Wieder vun Unerkennung fir d'Militärmusek als feste Pilier vum Lëtzebuenger Kulturliewe fonnt an härerlech fir den Anniversaire gratuléiert.

De Joé Haas, Chargé de mission am Kulturministère als Responsabele fir d'Musekswiesen, huet d'Gléckwësch vun der Kulturministesch Sam Tanson un d'Adress vun der A.s.b.l. „d'Frënn vun der Militärmusek“ iwwerbruecht.

No der akademescher Sëtzung, déi mat der „Heemecht“ ofgeschloss gouf, huet d'Stad Lëtzebuerg am Foyer vum Conservatoire eng Receptioun ginn. Bei dëser Geleeënheet ass och e grouse Gebuertsdagskuch opgeschnidde ginn, vun deem „d'Frënn vun der Militärmusek“ alle Gäscht e Stéck offrëiert hunn.

Am nächste Bulletin „En avant... marche!“ - iwwregens d'Nummer 50 an domatter eng Jubiläumsausgab!- komme mir am Wuert an am Bild méi ausféierlech op dës Gebuertsdagfeier zréck.

(j-lo)